LU

GEMENGEROT
VUM 28. ABRËLL 2023

Present: De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV), d'Schäffen, Marc Bissen a Romain Kockelmann (CSV), d'Gemengeconseilleren Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Nathalie Heintz (LSAP), Natacha Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP) et Claudine Meyer (LSAP).

Entschëllegt: André Noesen (déi gréng)

Ufank vun der Sëtzung: 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour mat Ausnam vun de Punkte 7.1 a 7.2 sinn eestëmmeg ugeholl ginn.

ËFFENTLECH SËTZUNG

MATDEELUNGEN

Um Ufank vun der Sëtzung, entschëllegt de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) de Conseiller André Noesen (déi gréng).

De Conseiller Guy Breden (CSV) huet iwwert déi aktuell Situatioun vum interkommunale Syndikat SIGI bericht. D'Press huet déi problematesch Situatioun déi innerhalb vum SIGI herrscht schonn éfters erwäänt. Dës Problematik betrëfft virun allem d'Gestioun vum Personal, de Finanzberäich an d'Zefriddenheet vun de Mataarbechter. Doropshi gouf en Aarbechtsgrupp bestoend aus 5 Membere vum Kommitee an 3 Membere vum Büro gegrënnt an dëse schafft säitdeem intensiv an huet esou guer e Prestataire gesicht deen dräi Auditte vu Juni 2022 bis Mäerz 2023 duerchgefouert huet. De President an de Vizepresident hunn schlussendlech demissionéiert. Innerhalb vum Büro vum Syndikat gouf eng Plaz fräi, wat dozou gefouert huet, dass de Conseiller Guy Breden (CSV) seng Kandidatur gestallt huet an och genannt gouf. Eng sëlleg Moossname goufe geholl fir déi aktuell Situatioun ze verbesseren. Den Audit huet erwisen dass d'Personal ganz beonroueegt ass an dass d'Gemenge ganz onzefridde mat der Aarbecht vum Syndikat sinn. 50% vun de Beamten hunn sech als ongléecklech geäussert. Am normal Fall kënnen 10% vu Leit, déi net zefridde sinn, acceptéiert ginn, manner wéi 30% ka verbessert ginn a bei iwwert 30% gëtt et ganz schwéier fir déi schwiereg Situatioun ze behiewen. Am Finanzberäich ass d'Situatioun net esou dramatesch, mä och do musse Mesure geholl ginn. De Conseiller Guy Breden (CSV) preziséiert dass d'Berichter vun deenen 3 Auditte fir de Gemengerot opruffbar wären, nodeems dass dës un d'Gesetz vun de privaten Donnéeën ugepasst gi sinn.

De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) hofft dass d'Spannungen tëschent de Gemengen an dem SIGI duerch déi Schrëtt sech leeë wäerten.

D'Conseillère Nathalie Heintz (LSAP) mécht op d'Sëtzung vun der UGDA opmierksam andeems se de Bilan an de Präis vun enger Museksstonn erwäänt. De Präis klëmmt am Joer 2023/2024 op 7.156,32 € pro Woch a pro Schüler. Dëst stellt eng Hausse vun 23,76% duer géintiwwer vum leschte Joer. D'Ursaach dovunner sinn d'Indextranchen an d'Revaloriséierunge vun de Karriären. Si deelt och nach mat dass d'Aschreiwunge bis den 1. Juni sinn an dass d'Schoulorganisatioun bis den 1. September 2023 gestëmmt muss ginn.

De Conseiller Guy Kohnen (CSV) seet dem Schäfferot Merci dass si un der Aweiung vun deenen neie Raimlechkeete vum Office social deelgeholl hunn. De Schäfferot konnt feststellen dass d'Mataarbechter a gudde Konditioune schaffe kënnen an dass den zousätzleche Fong esou also gutt investéiert ass.

De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) stellt de neie Mataarbechter, Marc Georges, vum Technesche Service vir.

Fir d'Gemengewalen den 11. Juni hunn 3 Parteie vollständeg Leschte präsentéiert: d'LSAP (Lëscht 1), d'DP (Lëscht 2) an d'CSV (Lëscht 4). Déi gréng (Lëscht 3) wäerte mat 8 Kandidaten an d'Wale goen an d'Piraten (Lëscht 5) mat 10.

3.384 Lëtzebuerger sinn an d'Wallëschten ageschriwwen. Vun 1.749 potenziell net lëtzebuergesche Wieler, hunn sech der 479 ageschriwwen, wat en Taux vu 27,44% duerstellt. 10 Walbüroen si virgesinn, dat ass 1 méi wéi d'lescht Joer, 4 zu Kielen déi all an der Museksschoul regroupéiert sinn, 2 zu Keespelt (Hall Mukeme an 1 am Proufsall vun der Musek).

Ofschléissend, deelt de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) mat dass d'Bierger déi sech fir den zukünftege Projet vum Schockweilerhaff agesat hunn, d'Intentioun hätte fir eng Asbl ze grënnen, fir do kënnen hier Interessien ze verdeedegen.

1. Compromisen, Kontrakter, Akten

1.1. Compromis fir d'Uschafe vun enger Parzell zu Kielen an der „rue des Champs".

Unhand vun dësem Compromis keeft d'Gemeng der Firma CREAHAUS Invest Sàrl eng Parzell vu 4 m² an der „rue des Champs" zu Kielen, Kadasternummer 1715/605, of.

1.2. Akt iwwert d'Veräusserung vun enger Parzell zu Kielen an der Strooss „An der Hiel"

Unhand vun dësem Akt, veräussert d'ASBL „Œuvres Paroissiales Saint-Martin de Dudelange" eng Parzell vun 1 m², an der Strooss „an der Hiel" zu Kielen, Kadasternummer 2023/7395 un d'Gemeng Kielen.

2. SICONA – Konventioun iwwert zur Verfügung Stelle vun enger Parzell

Dës Konventioun, déi fir 10 Joer ofgeschloss gouf, gesäit vir dass d'Gemeng Kielen dem interkommunale Syndikat SICONA e Stéck vun enger Parzell déi eng gesamt Fläch vun 77 m² huet, nämlech 57,80 m², wärend dem Ausbau vum Biodiversitéitszenter zu Ollem an der rue de Capellen zur Verfügung stellt. No der Phas vun den Ausbauaarbechten, kann de SICONA, op der selwechter Parzell, 3 Parkplazen an 3 Luedstatioune fir Elektroautoen amenagéieren, souwéi 2 nei Beem uplanzen och well virun den Aarbechten ee Bam ëmgehae gouf.

3. Devisen

3.1. Etüd an d'Zielung vum Trafick

De Gemengerot approuvéiert den Devis bezüglech der Etüd an der Zielung vum Trafick um Territoire vun der Gemeng Kielen. Dësen Devis mat engem Montant vu 46.000 € ouni TVA gouf vum Technesche Service vun der Gemeng Kielen den 29. Mäerz 2023 opgestallt

3.2. Moossname fir d'Berouegung vum Trafick an d'Sécherung vun de Zeebrasträifen an der Kopleschterstross zu Meespelt.

Den Devis dee vum Büro Schroeder & Associés SA opgestallt gouf, bezüglech de Moossname fir d'Berouegung vum Trafick an der Sécherung vun den Zeebrasträifen an der Kopleschterstross, gesäit eng Depense vu 96.445,30 € vir.

3.3. Moossname fir d'Berouegung vum Trafick an d'Sécherung vun de Zeebrasträifen an der Nouspelterstrooss zu Kielen

Den Devis dee vum Büro Schroeder & Associés SA opgestallt gouf bezüglech de Moossname fir d'Berouegung vum Trafick an der Sécherung vun den Zeebrasträifen an der Nouspelterstrooss zu Kielen gesäit eng Depense vu 76.377,88 € vir.

4. Subsiden

4.1. Don un d'Associatioun „VCL-Union Esch" - Flèche du Sud

De Schäfferot proposéiert der Associatioun „Vélo Union Esch" fir d'Organisatioun vun der „Flèche du Sud» bei där och en Deel vum Parcours duerch Kielen geet, e Subside vun 250 € ze bewëllegen.

4.2. Don un d'„Union Grand-Duc Adolphe (UGDA)" - verschidde Manifestatiounen

Fir déi verschidde Manifestatiounen ze ënnerstëtze kritt d'UGDA 50 €.

4.3. Don un d'„Fédération Régionale des pompiers Centre – Camp fir jonk Pompjeeën"

D'Fédération Régionale des pompiers Centre organiséiert am Juli zu Äischen e Camp fir 120 jonk Pompjeeën déi vun 30 Moniteuren encadréiert ginn. De Schäfferot accordéiert e Subside vu 500 €.

4.4. Divers Subsiden

Am Laf vum éischten Trimester 2023, hu verschidden Associatiounen der Gemeng Kielen hier Demandë fir Subsiden zoukomme gelooss. D'Gemeng accordéiert am ganzen e Montant vun 3.000 € fir Subsiden.

5. Deposéiere vun de Statute vun der Associatioun „Demy Rebounders a.s.b.l." – Informatioun

De neie Basketball-Club „Demy Rebounders a.s.b.l." dee säi Sëtz zu Keespelt huet, huet seng Statuten an der Gemeng deposéiert.

6. JUKI a.s.b.l. – Konventioun Tripartite 2023 bezüglech dem Fonctionnement an der Finanzéierung vum Jugendhaus

D'Konventioun 2023, déi tëscht dem Educatiounsministère, der JUKI a.s.b.l. an dem Schäfferot ënnerschriwwe gouf, reegelt de Fonctionnement an d'Finanzéierung vum Jugendhaus.

7. MOPO vum PAG

7.1. PAP „Beichel Phas 1" zu Kielen a „iwwert der Kräizhiel" zu Nouspelt

Unhand vun dëser punktueller Modifikatioun vum PAG, gi puer materiell Feeler verbessert, wéi zum Beispill dass déi versigelt Fläch ze kleng geschätzt gouf oder d'Héicht falsch gerechent gouf. Et goufen nach zwee aner Feeler behuewe wéi den Update vun de Koeffiziente bezüglech der Flächebenotzung vun zwee PAP-NQ am grapheschen Deel vun den approuvéierte PAPen:

- „PAP NQ Beichel – Phas 1": de Koeffizient vun der Versigelung vum Buedem muss 0,7 si fir konform zum PAP ze sinn, deen a Kraaft war virun der Ännerung vum PAG, an och dono a Kraaft bliwwen ass, an net 0,6.
- „PAP NQ Iwwert der Kräizhiel": de Koeffizient vun der Flächebenotzung muss 0,65 si fir konform zum PAP ze sinn, deen a Kraaft war virun der Ännerung vum PAG och dono a Kraaft bliwwen ass, an net 0,50.

7.2. Klassement an eng „Zone vu Gebaier an ëffentlechen Anlagen" (BEP) – Annexe vum Gemengenhaus zu Kielen

Et handelt sech ëm d'Haus „Elcheroth" dat an eng „Zone vu Gebaier an ëffentlechen Anlagen" klasséiert gëtt fir dass méi en déiwen Ausbau vun der Annexe erméiglecht gëtt. D'Haus an de Gaart bleiwen awer geschützt. D'Gemeng huet d'Parzellen n°1946/4718 a 1947/4719 kaf, déi sech an der Sektioun A vu Kielen befanne fir eng Annexe vun der Gemeng ze bauen an dës Parzelle goufen an eng „Zone vu Gebaier an ëffentlechen Anlage (BEP)" klasséiert fir dass se hirer zukünfteger Bestëmmung gerecht ginn.

8. Confirmatioun vun dréngende Verkéiersreglementer vum Schäfferot

Verschidde Verkéiersreglementer vum Schäfferot sinn nodréiglech confirméiert ginn: vum 17. Abrëll bis den 31. Mee fir Aarbechten an der rue des Près zu Nouspelt; vum 3. bis den 28. Abrëll fir Aarbechten an der „rue Hiel" zu Kielen; vum 15. Abrëll bis de 5. Mee fir Aarbechten an der rue des Romains zu Kielen a vum 17. bis den 29. Abrëll fir Aarbechten an der rue des Champs zu Kielen.

GESCHLOSSE SËTZUNG

9. Kommunalen Erzéiungs an Emfangsdéngscht fir Kanner (SEA) - Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loun-grupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

De Gemengerot approuvéiert d'Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loun-grupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales vum Service SEA.

10. Kommunalen Erzéiungs an Emfangsdéngscht fir Kanner (SEA) – Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loun-grupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales mat Klassement

De Gemengerot ernennt e Gemengenemployé an der Kategorie C, Loun-grupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales mat Klassement fir de SEA – Crèche fir 20 bis 30 Stonne pro Woch, mat engem CDD.

Presentatioun vum Projet „Sportshall mat Schwämm" zu Elmen vum Architekt Louis Weisgerber

Den Architekt Louis Weisgerber presentéiert de Projet „Sportshal mat Schwämm" zu Elmen.